

# regatta.lu 2020

## handbook

reloaded

Version  
définitive  
du 23/08/20



Service National  
de la Jeunesse

Regatta.lu  
Sailing School







# E Wuert vum Presi

## Léif Schülerinnen a Schüler, Studentinnen a Studenten,

Dir kënnt iech kaum un deen Tëntefësch erënneren, dee fir d'Fussballweltmeeschterschaft vun 2004 d'Gewënner virausgesot hat ... abee, et muss een net d'Fäegkeet vun esou engem Orakel hunn, fir ze wëssen, dass et net ëmmer esou weider konnt goe mat eiser Welt wéi virum COVID-19.

Jo, mir si brutal gestoppt ginn. Villes, wat bis dohinner selbstverständlech an normal erschénkt huet, war dunn net méi méiglech. Ee vun de Gewënner bei deem Stéllstand war d'Natur. No e puer Woche waren d'Siicht an d'Loft bei eis doheem esou gutt wéi schonns éiweg net méi. Mee leider verhënnert déi kuerz Paus net, dass d'Schmëlzen vum Äis an de Bierger an op den Polkappe weidergeet, an dass d'Klimaverännerung dramatesch Konsequenzen huet, sou dass ganz Landstrécher net méi bewunnt kënne ginn.

Bis op déi « Unabkömmlichen » duerfte mer all aus dem Hamsterrad erausklammen an eis enger Entschleunigungs-Kur higinn. Jo, mir sinn agespaart oder besser gesot 'konfinéiert' ginn, deals ofgeschnidde vun eise Frënn. D'Kontakter mat hinnen sinn dann iwwert elektronesch Medien weider ënnerhale ginn. Virun 20 Joer wier dat ondenkbar gewiescht; de Fortschrëtt huet och seng Virdeeler.

De Confinement war sécher fir vill Leit net einfach, an huet och bei munchen zu Spannunge gefouert. Vu baussen hunn eis d'Medien veronséichert, an d'Politiker hunn eis weltwäit ageschüchtert. An op eemol haten d'Aussoe vun engem Gesondheets-Institut méi Gewiicht wéi déi vun engem Staatschef.



Jo, mir musse léiere mat dem COVID-19 emgoen. Mir liewe jo schonns zënter Anno Tubak mat alle méigleche Viren, vun deenen déi meescht harmlos an och nätzlech sinn. D'Angscht däerf eist Liewen net bestëmmen, besser sollen mer eis vun engem gesonden an kritesche Mënscheverstand leede loossen. An der Natur huet ëmmer eng Katastroph zu engem Quantesprong an der Entwécklung gefouert. Mir liewen elo an esou enger Phase vu grouse Verännerungen, duerno ass viles anescht, a munches och besser.

De Moment si mer all frou, eis Frënn ërem ze gesinn an eis bei der Regatta ze treffen. Den Oflaf vum Event wäert um Waasser net vill aneschtens sinn, wéi déi Joren virdrun. U Land awer, a während dem Transport, mussen mer all déi sanitär Moossnamen respektéieren, déi eis d'Autoritéite virginn.

Bis dohinner bleift all gesond.

**D'Freed um Liewen soll déi Woch dominéieren, an net d'Angscht !**

Äre President  
Serge Courtois



# D'Organisateuren

Säit 2016 gëtt Regatta.lu Sailing Schools organiséiert vum Segelclub GLCR an enker Zesummenaarbecht mat der Segelfederatioun FLV an dem Service National de la Jeunesse SNJ.

## GLCR - Groupe Luxembourgeois de Croisière et de Régate

De GLCR ass dee gréisste Segelclub zu Lëtzebuerg, an Deen eenzeg den dee séch besonnesch u Leit wend, déi op d'Mier segele ginn. E gouf 1979, also viru 40 Joer, gegrënnt, an huet haut ronn 700 Memberen. En huet d'Form vun enger asbl (association sans but lucratif), där hiren Objet social esou an de Statute steet :



*L'association a pour objet la pratique et l'enseignement du sport de la navigation à la voile sur mer, le développement des sports nautiques et du tourisme nautique en général, l'organisation de régates, l'entretien de relations amicales entre ses membres avec les sociétés sportives du Grand-Duché de Luxembourg et de l'étranger, ainsi que l'examen et la solution des problèmes intéressant ses affiliés. Elle peut s'affilier à toutes les organisations nationales ayant comme but la pratique de la voile ».*

Wat am Ufank e kleng Frëndeskress war, ass haut e grouse Veräin mat villen Aktivitéiten. Sou gëtt all Joer e grouse Formatiounsprogramm zesummegeallt, wou een déi verschidden Aspekter vum Segelsport ka kenneléieren, a wou suwuel Ufänger wéi och Fortgeschrittener sech kënnen weiderbilden.

## FORMATIOUN

Fir d'Ufänger ass do virun allem déi theoretesch a praktesch Formatioun fir de « Permis Mer » ze nennen, wou een d'Grondbegrëffer vum Segelen ka léieren, d'Theorie an Oueskueren, an dat praktescht an engem Stage vun enger Woch. Déi Basis-Ausbildung maachen regelmäseg och Jonker (vu 16 Joer un) déi op der Regatta hiren éischte Kontakt mam Yachtsegelen hunn. Zéckt also net, lech unzemellen, wann dat lech interesséiert. Déi nächst Theorie-Couren ginn am Oktober un, a fir dat Praktescht gëtt all Joer e Péngschtstage an Holland an en Hierschtstage a Kroatien organiséiert. Wann dir déi Ausbildung mat Erfolleg maacht, kritt dir den international unerkannte « Permis Mer » deen lech weltwäit derzou berechtigt, e Boot bis zu 24 m Längt ze féieren. Dat ass och de Schain deen dir gefrot kritt, wann der wëllt e Boot lounen oder charteren.

[Méi Info zum Permis Mer](#)




Do dernierft bitt de GLCR senge Memberen vill aner Formatiounen a Stagen un, ausserdem regelmäseg Owender wou Memberen vun hiren Aventuren erzielen, z.B. wann se vun enger Weltëmsegelung erëmkommen.

An natirlech gehéiert zu den Haaptaktivitéiten vum GLCR och d'Organisatioun an d'Duerchféierung vun der Regatta. Do sinn dëst Joer ronn 65 Skipperen a Co-Skipperen - alles Memberen vum Club - am Asaatz, sief et op engem vun den 27 Booten, sief et am Comité de Course.

## MEMBERSHIP

Wann der no der Regatta vum Segel-Virus infizéiert sitt, da wir et eng gutt Idee, Member vum GLCR ze ginn. Dat kascht fir Erwuesser 25 € d'Joer, mee fir Schüler a Studenten ass d'Cotisatioun **GRATIS**.

### Info an Umeldung am GLCR





## FLV - Fédération Luxembourgeoise de Voile

Och d'Lëtzebuurger Segelfederatioun ass 1979 gegrënnt ginn. Member dovun sinn nierft dem GLCR dat virun allem d'äi Veräiner, déi sech em d'Segelen um Stauséi këmmen, dat sinn den YCL - Yacht Club du Grand-Duché de Luxembourg - mat senger Base Nautique zu Léifrech, an den CNL - Cercle Nautique Lultzhausen, deem seng Memberen vu Lëtz aus um Stau segelen.



D'FLV ass säit 1981 vum Sportsministär unerkannt, a Member vum COSL - Comité Olympique et Sportif du Luxembourg - « Team Lëtzebuerg ».

D'FLV ass vun Ufank un Co-Organisateur vu Regatta.lu Sailing Schools gewierscht, si këmmert sech ëm alles wat de sportlechen Oflaf betrëfft :

- all d'Skipperen hunn eng Sportslizenz vun der FLV oder vun enger auslännescher Partner-Federatioun
- d'Skipperen sinn domat dann och duerch d'Assurancen vun der FLV couvréiert
- de Comité de Course gëtt vun der FLV gestallt. Dëse Comité leet d'Regelen vun der Compétitioun fest (Instructions de Course), an iwwerwaacht dono de regulären Oflaf vun deene verschiddene Manchen an erstellt d'Klassementer.

Fir seng Missiounen kënnen beschtméiglech ze erfëllen, huet de Comité de Course vun der FLV bei der Regatta.lu 2020 dräi Booten : e grouse Katamaran, vun deem aus d'Startprozedur duerchgefouert gëtt, an deen och Bestanddeel vun der Start- an Ziel-Linn ass; do dernierwt 2 Semi-Rigiden (Zodiak), dat sinn Schlauchbooter mat engem feste Buedem, an engem staarke Motor, mat deem de Comité de Course d'Boueeën fir d'Regatta ausleet an dono alles wat um Waasser passéiert ganz Genuee suivéiert a séier agräift wann et néideg ass.

**Weider Info : [www.flv.lu](http://www.flv.lu)**



## SNJ - Service National de la Jeunesse

Den SNJ ass en ëffentlechen Déngscht deen am Opdrag vum Unterrechtsministär schafft a gesetzlech definéiert Missiounen huet :

- zur Ëmsetzung vum der Jugendpolitik bäidroen
- edukativ Programmer fir Kanner a Jugendlecher organiséieren
- d'Transitioun vum deene Jonken an d'aktivt Liewen ënnerstëtzen
- Kontakt- a Berodungsstell sinn fir d'Akteuren déi Jugendaktivitéiten ubidden



Si erfëllen déi Missiounen mat enger Equipe vun 145 festen an 450 fräie Mataarbechter, dorënner och d'Skipperen a Co-Skipperen vun Regatta.lu, déi vum SNJ aus déi kloer Missioun hunn, hir Equipagen während der ganzer Woch ze encadréieren, um Boot an och doriwwer eraus.

Duerch den SNJ ass och séchergestallt dass d'Schülerinnen a Schüler, déi bei Regatta.lu derbäi sinn, grad esou gutt assuréiert sinn wéi dat bei deenen aneren Aktivitéiten de Fall ass, déi vum SNJ organiséiert ginn.

**Den SNJ gëtt och ganz vill Brochuren eraus, wou ee méi iwwert Jugendaktivitéiten zu Lëtzebuerg gewuer gëtt. Informationen um Site vum SNJ**





# Merci !!!

Regatta.lu ass eng grouss Organisatioun, déi nëmme méiglech ass, well vill Memberen vum GLCR a vun der FLV sech aktiv engagéieren, an dat zu 100 % benevol, also ouni derfir bezuelt ze ginn. Doriwwer eraus stinn den Organisateuren eng ganz Rëtsch Sponsoren a Partner zur Säit. Hinnen all ee ganz décke Merci !



Capital At Work ass vun dësem Joer un den Hauptsponsor vun der Regatta. Si ënnerstëtzen eis finanziell an iwwerhuelen verschidden Onkäschten vun der Manifestatioun, fir dass déi net mussen vun de Schüler oder vum Club gedroen ginn.



De Comité Inspiring Luxembourg ënnerstëtzt d'Participanten vun der Regatta andeems en Softshell-Vesten sponsort. All Schülerin a Schüler kritt gratis esou eng wäiss Jacket.



Den COSL « Team Lëtzebuerg », d'LASEL, den Automobile Club ACL an d'Chambre de Commerce ënnerstëtzen d'Organisatioun vun der Regatta materiell a finanziell. Si leeschten domat e wichtege Beitrag derfir, dass de Präis fir d'Participatioun ka niddereg gehale ginn.



Sila.lu Zero Waste Lëtzebuerg a.s.b.l. ass de Coordinateur vun der Aktioun bei där et drëm geet, eis Regatta sou ökologesch wéi méiglech ze gestalten, an sou wéineg wéi méiglech Offall ze produzéieren. Fir dozou bäizedroen schenkt Restopolis jidderengem eng praktesch Drénkfläsch.



Chère Navigatrice, cher Navigateur,

C'est avec un plaisir non dissimulé que CapitalatWork Foyer Group s'associe cette année à cette cinquième édition de *Regatta.lu - Sailing School* ! Il s'agit pour nous d'un réel engagement envers une activité qui met en avant bon nombre de nos valeurs humaines à savoir la solidarité, le travail d'équipe, le goût de l'aventure, la résilience et bien d'autres encore. La voile est, qui plus est, un sport complet, formateur et qui invite au dépassement de soi.

Le parcours d'un skipper est similaire à celui d'une entreprise et nécessite une bonne dose de **fibre entrepreneuriale**.

**Cette fameuse fibre entrepreneuriale** ne suscite pas que le désir de diriger ou de faire du profit, c'est avant tout un état d'esprit. Un entrepreneur cherche perpétuellement à se surpasser, à enrichir l'environnement social et sociétal qui l'entoure tout en gardant une écoute attentive au monde.

CapitalatWork suit depuis plus de 30 ans ces passionnés, entrepreneurs qui guident leurs entreprises contre vents et marées vers la réussite.

Nous accompagnons plus de 200 entreprises et investissons dans plus de 50 d'entre elles afin de faire fructifier le patrimoine de notre clientèle. Dans un environnement aux allures changeantes, nous accompagnons nos clients dans chaque étape de leur vie.

Il ne nous reste plus qu'à vous souhaiter beaucoup de plaisirs marins dans cette magnifique baie de Quiberon !

A Dieu vat',



Gregory Vandendael  
Head of Wealth Management CapitalatWork  
Luxembourg



ACL - NOUS GARANTISSONS VOTRE MOBILITÉ



ACL



CARTE  
DE MEMBRE  
> EUROPE <  
GRATUITE\*

# ACL NEW DRIVER

ASSISTANCE | CONSEILS ET EXPERTISE | **SERVICES MOBILITÉ** | VOYAGES ET LOISIRS | PASSION AUTOMOBILE

L'Automobile Club du Luxembourg (ACL) est le partenaire mobilité de plus de 180.000 membres et offre une assistance 24h/24 et 7j/7, des conseils, des avantages et une gamme de services de mobilité sur mesure à ses membres.

Qui peut profiter de l'offre « ACL New Driver » ? Toute personne, peu importe l'âge, s'inscrivant en tant que nouveau membre auprès de l'ACL et ayant obtenu son premier permis de conduire durant l'année en cours.

\* L'ACL vous offre la carte de membre gratuitement jusqu'à la fin de l'année calendrier. Quels services de l'ACL sont inclus ? Durant l'année de gratuité, vous profitez de tous les services et avantages liés à la carte de membre « Europe ».

Comment puis-je m'inscrire pour l'offre « ACL New Driver » ? Rendez-vous sur [www.acl.lu/newdriver](http://www.acl.lu/newdriver) et remplissez le formulaire ou contactez-nous au 45 00 45 - 1 pour recevoir le formulaire par courrier.



[www.acl.lu](http://www.acl.lu)





Le Yacht Club Quiberon est le partenaire local de notre régates. Nous sommes ravis d'avoir trouvé en eux une équipe de passionnés qui sont enthousiastes à nous soutenir dans l'organisation de notre événement à plus d'un point.

Non seulement qu'ils nous prêtent du matériel, mettent leurs locaux à notre disposition, nous aident dans les relations avec les autorités ... ils s'occupent également de l'avitaillement des bateaux, du petit-déjeuner jusqu'au dîner. Chaque équipage recevra pour chaque soir de délicieux plats préparés par un chef de Quiberon : coucroute de la mer, agneau navarin, paëlla, boeuf bourguignon ... quoi de mieux après une longue journée de régates !

**Un tout grand MERCI au Yacht Club Quiberon !!!**



*Le comité du Yacht Club Quiberon autour de son président René Hervé.*

# De Programm 2020

Dimanche 30 août 2020

**Rendez-vous à 20h40** sur le parking du Petit Glacis (en face de la « Glaciskapell »).

**Départ à 21h00**

Le voyage se fera en deux bus double decker de Voyages Vandivinit (78 sièges par bus).

## Mesures Covid-19 :

- Les bus arriveront fraîchement nettoyés et désinfectés. Un produit désinfectant sera à disposition à l'entrée des bus.
- Dans chaque bus, il y aura au maximum 50 élèves/étudiants.
- Avant le départ, chaque participant signera une déclaration sur son état de santé. Au cas où il présentait un risque pour les autres participants, il ne sera pas autorisé à participer.
- Il est fortement recommandé à tous les participants de se faire tester pendant la semaine du 24 août. Selon les dispositions en vigueur depuis le 17août, ce test sera gratuit. Pour de plus amples informations et la prise de rendez-vous, consultez le site [www.covid19.lu](http://www.covid19.lu) .
- Le port du masque est obligatoire dans les bus pendant tout le trajet, sauf pour boire ou manger pendant 15 minutes au maximum.
- L'installation et l'utilisation de la tracing app française **StopCovid** est fortement recommandée. Plus d'informations et liens de téléchargement sur le [site du gouvernement français](#)



## Lundi 31 août 2020 : Arrivée et prise en main des bateaux

Petit-déjeuner au « Breizh Hotel » à Crac'h


Arrivée à Port-Haliguen près de Quiberon vers 9 heures du matin.

Distribution des voiliers, avitaillement et embarquement

### Mesures Covid-19 :

- Sur les bateaux, chaque équipage (skipper + co-skipper + équipiers) constitue un groupe qui ne doit pas prendre de mesures spécifiques (ni masque, ni distanciation).
- Pour les contacts entre différents équipages, les mesures sanitaires (distanciation et/ou port du masque) doivent être appliquées.
- De grands rassemblements sont à éviter. Les contacts avec des personnes étrangères à l'événement sont à réduire au minimum.

Après-midi : prise en main du bateau, navigation libre dans la baie de Quiberon, entraînement des départs, retour à Port-Haliguen (bassin à flot)



Dîner sur le bateau (Port Haliguen)



Bassin à flot du Mané (Port-Haliguen)






## Mardi 1er septembre 2020 : Navigation dans la baie de Quiberon

Avitaillement pour la journée dès 7h30

### IMPORTANT : Sortie du bassin à flot avant 8h41

En fonction de la météo et suivant les instructions du comité de course : stage préparatoire de régate et manche(s) de qualification.



Retour au Port Haliguen (bassin à flot)

Beach Clean-Up (à confirmer)

Dîner sur le bateau (Port Haliguen)

**Mercredi 2 septembre 2020 :**


## **Navigation dans la baie de Quiberon et/ou dans la zone de Belle-Île**

Avitaillement pour les prochains jours dès 7h30

### **IMPORTANT : Sortie du bassin à flot avant 9h15**

En fonction de la météo et suivant les instructions du comité de course : stage préparatoire de régate et manche(s) de qualification

Traversée vers Belle-Île, Port du Palais (sous réserve des conditions météorologiques)




Amarrage au Port du Palais (sur ponton au port ou sur bouée dans l'avant-port, selon le tirant d'eau du bateau).

Dîner sur le bateau (Port du Palais)



## Navigation dans la Zone de Belle-Île

En fonction de la météo et suivant les instructions du comité de course : manches de régate en deux groupes, tour de bouées (parcours banane) et/ou parcours côtier.



Retour au Port du Palais (sur ponton au port ou sur bouée dans l'avant-port, selon le tirant d'eau du bateau).


## Dîner sur le bateau (Port du Palais)

Vendredi 4 septembre 2020 :

## Navigation dans la zone de Belle-Île et/ou dans la baie de Quiberon

En fonction de la météo et suivant les instructions du comité de course : manches de régates en deux groupes, tour de bouées (parcours banane) et/ou parcours côtier.

Traversée en direction de La-Trinité-sur Mer.




Remise des bateaux à La Trinité-sur-Mer pour 16h00 au plus tard.

Préparation des bagages

Chargement des bus entre 18h et 19h

Possibilité de visite du port de La-Trinité-sur-Mer avec les bateaux de régates qui y sont amarrés.





A partir de 19h30 : Closing Ceremony au restaurant « Chez Jaouen » à La Trinité-sur-Mer.

**Proclamation des résultats et remise des trophées !!!**



Départ en bus vers 22h

## Samedi 5 septembre 2020

### Mesures Covid-19 :

- Les bus arriveront fraîchement nettoyés et désinfectés. Un produit désinfectant sera à disposition à l'entrée des bus.
- Dans chaque bus, il y aura au maximum 50 élèves/étudiants.
- Le port du masque est obligatoire dans les bus pendant tout le trajet, sauf pour boire ou manger pendant 15 minutes au maximum.

Arrivée au Petit Glacis dans la matinée.

### Mesures Covid-19 :

- Il est recommandé à tous les participants de se faire tester au retour. Selon les dispositions en vigueur depuis le 17 août, ce test sera gratuit. Pour de plus amples informations et la prise de rendez-vous, consultez le site [www.covid19.lu](http://www.covid19.lu).



# Booter an Equipagen

**C** = Groupe de classement

(1 = lycées / 2 = étudiants et adultes)

**Q** = Groupe de qualification

(si nécessaire double-cliquer sur le tableau pour le voir en entier)

N°	Nom	C	Q	Type	Tirant d'Eau	Handicap National	Loueur	Lycée	Skipper	Co-Skipper
1	Louanne	1	A	Sun Odyssey 349	1,98	0,8596	DYC	LJBM	Christnach Claude	Weyand Steffen
2	Thum'embarque	1	A	Dufour 360 GL	1,55	0.8566	DYC	LCE	Flaba Denis	Huss Jacques
3	L'Aigle	1	A	Dufour 34	1,90	0.8130	DYC	LNW	Emering Ady	Dofing Jean-Claude
4	Bonchamps	1	A	Dufour 34	1,90	0.8130	DYC	LCD/ALR	Lorenzi Philippe	Gannard Julien
5	Bachi-Bouzouk	1	B	First 36.7	2,20	0.9188	DYC	AL	Gelhausen JJ	Jakobs Günther
6	Epeios	1	A	Oceanis 343	1,85	0.8475	DYC	LJBM	Klejjwegt Hannie	Lecarte François-Valery
7	Lulu	2	B	Dufour 410 GL	2,10	0.9119	DYC	CDI	Deroost Eric	Luna Paqui
8	Men Go	1	B	Sun Odyssey 379	1,95	0.8850	CFC	LJBM	Scholtes Guy	Harles Serge
9	Arvaya	1	B	Sun Odyssey 36i	1,94	0.8785	CFC	AL	Weber Frank	Buso Marc
10	Maracaibo	2	A	Sun Odyssey 349	1,26 - 2,60	0.8596	CFC	UNI Innsbruck	Wetz Robert	Scharpantgen René
11	Mutine	1	B	Oceanis 37	1,90	0.8850	CFC	LTA	Hengen François	Matiussi Erny
12	Lohengrin	1	A	Dufour 34	1,90	0,8130	CFC	LGL	Faber Claude	Loesch Charles
13	Polgan	2	B	Sun Odyssey 409	2,10	0.9404	CFC	PM	Ries Charles	Hoffmann Annick
14	Muzuri	2	B	Dufour 405	2,10	0.9119	CFC	PM	Biwer Patrick	Lutgen Christian
15	Edelweiss	1	B	Dufour 382 GL	1,90	0.8982	CFC	LGL	Goerges François	Schroeder Vincent
16	Colibri	2	A	Oceanis 35	2,20	0.8021	AL	UNI	Stein François	Blinkhorn Alex
17	Palma Myrha	1	A	Oceanis 34	1,50	0.8596	AL	MLG	Kockhans Alex	Roettgers Gérard
18	Drop	2	A	S.O. 349 Q-R	1,20 - 2,54	0.8596	AL	UNI	Morelli Gianluigi	Desseigne Marie-Laure
19	Oceanite	1	A	S.O. 379 DL	1,10 - 2.25	0.8658	AL	LEM	Goerens Erik	Walch Erik
20	Aloha	1	A	S.O. 389 DL	1.10 - 2.25	0.8658	AL	LMRL	Olinger Jérôme	Masutti Daniel
21	Houatelse	1	A	Oceanis 38.1	2,10	0.8415	AL	LCD	Pabot Frédéric	Miny Roland
22	Albatros	2	B	Oceanis 40	2,00	0.8785	AL	PM	Bodewing Marc	Shevelev Aleksandr
23	Carpemaria	1	B	Oceanis 40	2,00	0.8785	AL	Fieldgen	Mathieu Anouk	Zeimes Peggy
24	Spirit	1	B	First 36.7	2,20	0.9188	ILB	LNW	Emonts Roger	Picquoin Laurent
25	Penlan	1	B	First 36.7	2,20	0.9188	ILB	MLG	Rod Nicolas	Brewer Tom
26	Lota	1	B	First 36.7	2,20	0.9188	ILB	LGL	Muller Claude	Bettendroffer Claudine
27	Gwerelaouen	1	A	Dufour 34	1,90	0.8130	ILB	AL	Büchler Marc	Courtois Carla

# Segelen : wat ass dann dat ?

Mir wëllen lech hei e puer Grondbegrëffer mat op de Wee ginn. Saachen, déi dir bestëmmt wäert am Laf vun der Woch begéinen. Am beschte léieren sech déi Saachen direkt an Aktioun ... zesummen mat ärem Skipper a Co-Skipper ... mee et ass awer net schlecht, wann der lech dat schon emol ukuckt fir ongeféier ze wëssen em wat et geet.

A natierlech kënnt der dës puer Elementer och am Laf vun der Woch nokucken, dat hëlleft lech vläicht, besser ze vestoen, wat um Boot geschitt ... oder dir kënnt se dono als Gedächtnisstütze benotzen.


## Vu wou kënnt de Wand ?

Segelen heescht, sech mat Hellef vum Wand um Waasser fortbewegen, also d'Energie vun de Loftbewegungen ronderem eis a Bewegungsenergie ëmsetzen. Dobäi ass et natierlech wichteg ze wëssen, a wéi enger Richtung de Wand bleist, a wouhinner ee wëll fueren.


D'Wandrichtung kann ee feststellen, wann een z.B. Fändele kuckt, déi fräi fléien, e gudde Wandmiesser kann awer och den eegenen (naasse) Fanger sinn, oder déi eegen Nues. Meeschtens lafen och d'Wellen um Mier mam Wand. A mir hunn op eise Booten och uewen um Mast e Feil deem eis weist wou de Wand hierkënnt (Girouette op franséisch / Verklicker op däitsch), an Instrumenter am Cockpit, déi eis d'Richtung an d'Vitesse vum Wand uweisen.

Eist Boot a seng Segelen sinn esou konstruéiert, dass ee net nëmmen mam Wand am Réck ka fueren, mee och quer zum Wand an souguer géint de Wand. Et ass just e Wénkel vun ongeféier 45 Grad riets a lénks vun do wou de Wand hierkënnt, wou ee net direkt ka fueren, also 90 Grad am ganzen. Hei e Schema mat deene verschiddene Richtungen (Kursen) vum Boot zum Wand mat der entspriechender Segelstellung.





Äre Skipper wäert lech dat sécher am Détail erklären a weisen. Mat der Zäit léiert der dann och déi verschidde Begrëffer a Segelausdréck. Op franséisch heescht dat dann alles erem e bëssen aanescht :



## Wat ass dann dat ?

Am Ufank ass op ärem Boot bestëmmt viles, wou der net wësst, firwat dat gutt ass, a natirlech wësst der och net, wéi et heescht. D'Segler hunn fir all méiglech Saachen spezifesch Nimm, an dir verstitt wahrscheinlech am Ufank net ganz vill, wann d'Skipperen ënnerteneen fachsimpelen. Dir léiert dat mat der Zäit, mee och am Ufank ass et wichteg, dass een déi wichtegst Begrëffer kennt, zum Beispill fir dem Skipper séng Uweisungen ze verstoen.

Als zousätzlech Schwieregkeet kënnt derbäi, dass déi Segelausdréck an deene verschiddene Sproochen oft ganz verschidde sinn. Skipperen déi hir Ausbildung an Däitschland gemaach hunn, benotzen éischer déi däitsch Begrëffer; Skipperen déi vill a Frankräich ënnerwee sinn, éischer déi franséisch ... an déi déi regelmäseg a verschiddene Länner e Boot charteren hu sech vläicht un dat englescht gewinnt. Lëtzebuergesch Begrëffer gëtt et oft keng, sou dass mir meeschtens entweder dat däitscht oder dat franséisch benotzen, oder eng Mëschung vu béidem.

Hei eng kleng Zesummestellung vu 25 wichtige Begrëffer an deenen 3 Sproochen :

DEUTSCH	FRANÇAIS	ENGLISH	Explikatioun
Schiff	navire	vessel	Schëff
Mast	mât	mast	Mast
Baum	bôme	boom	Bam (horizontal Staang ënnen um Groussegel)
Bug	proue / étrave	bow	Vir um Schëff
Heck	poupe	stern	Hannen um Schëff
Großsegel	grand' voile	mainsail	Groussegel
Fock	foc	jib	normalt/klengt Virsegel
Genua	génois	genoa	grousst Virsegel
Windfäden	penons / indicateurs	telltails	Fiedem am Segel, déi de Wand uweisen
Winsch	treuil	winch	Virrichtung fir e Seel unzezéien / anzestellen
Fall	drisse	halyard	Seel fir d'Segel opzezéien
Schot	écoute	sheet	Seel fir d'Segel anzestellen
Festmacher	amarre	warp	Seel fir d'Boot u Land festzemaachen
Fender	défense / parre-battage	fender	Plastik-Bumper fir d'Boot ze schützen
Klampe	taquet	cleat	Metallsteck fir e Seel dru festzemaachen
Reling	balustrade / cable de garde	guardrail	Gelänner vum Schëff



DEUTSCH	FRANÇAIS	ENGLISH	Explikatioun
Steuerbord	tribord	starboard	rechts, wann een um Boot no vir kuckt
Backbord	bâbord	port side	lénks, wann een um Boot no vir kuckt
luv / luvwärts	au vent	windward	zum Wand zou
lee / leewwärts	sous le vent	leeward	vum Wand ewech
Wende	virement (de bord)	tack	Richtungsännerung mam Bug duerch de Wand
Halse	empannage	jibe / gybe	Richtungsännerung mam Heck duerch de Wand
reffen	prendre un riz	to reef	Segelfläch verklengeren
Kurs	cap	course	Richtung wou mer fueren
Ruder	barre / gouvernail	rudder / steering wheel	Steierrad

**Eng vill méi komplett Lëscht an deenen 3 Sproochen fannt der hei als PDF.**

## Wien huet Virfahrt ?

Op dëser Plaz all Verkéiersregelen um Waasser ze erklären, géif vill ze wäit féieren. Dofir hei just d'Basis-Regelen wie muss auswäichen, wann 2 Booter op Kollisiounskurs sinn, also riskéieren aneneen ze knuppen. Déi sollt wa méiglech jiddereen u Bord kennen.


1) **Segel viru Motor.** Generell huet bei ënnerschiddleche Schëffskategorien ëmmer dee Virfahrt, dee méi schwéier ze manövréieren ass. Also Rudderbotter viru Segelbooter, Segelbooter viru Motorbooter. Wéinst der selwechter Regel hunn och Booter déi « navigatiounsonfäheg » (z.B. duerch eng Pann) oder « navigatiounsbehënnert » (z.B. e Fëscherboot wat seng Netzer eraushuet) sinn, Virfahrt virun allen aneren.

WICHTEG : soubal dir um Segelboot de Motor lafen hutt, sitt dir e Motorboot a musst Segelbooter, déi ouni Motor segelen, auswäichen.

2) **Motorbooter** ënnerteneen : **riets viru lénks** (wéi am Stroosseverkéier)

3) **Segelbooter** ënnerteneen :


- **Tribord amures viru bâbord amures** : Boot mat Wand vu Steuerbord (Groussegel op Backbord = Backbordbug) huet Virfahrt géintiwier engem Boot mat Wand vu Backbord (Groussegel riets). Op franséisch huet dat Boot mat « tribord amures » Virfahrt, dofir gëtt an der Regatta oft « TRIBORD !!! » geruff wann een en aneren wëllt drop opmierksam maachen, dass e keng Virfahrt huet.



- **Lee viru Luv** : Wann déi 2 Booter de Wand vun der selwechter Säit hunn, huet deejeinege Virfahrt, dee méi wäit ewech vum Wand ass.

An der Praxis ass et also esou, wann ee gesäit dass en anert Boot engem zimmlech no kënnt, da kuckt ee fir d'éischt d'Segelstellung (wien ass « Tribord amures » ?), a wann déi 2 d'Segel op der selwechter Säit hunn, muss ee kucken, wien a « Lee » ass, also méi wäit ewech vun do ass, wou de Wand hirkënnt.





### Wichtig och ze wëssen :

- De Begrëff « Virfahrt » gëtt et um Waasser em Fong offiziell net. Wien keng Virfahrt huet, ass « **ausweichpflichtig** » : dee muss also auswäichen an däerf deen aneren net behënneren. Deen aneren (also deen deen ëmgangssproochleg Virfahrt huet), ass dann « **kurshaltepflichtig** » : dee muss also esou weiderfueren, wéi en grad fiirt, en däerf also z.B. keng Kéier maachen wann deen aneren grad am gang ass, him auszewäichen.
- Och deen, dee Virfahrt huet, muss oppassen, a wann et riskéiert zum Zesummestrouss ze kommen, muss och deen alles maachen fir dat ze verhënneren (« **Manöver des letzten Augenblicks** »).

Während der Regatta gëtt et dann nach zousätzlech Regeln, déi an dësen Dokumenter erkläert ginn :

**Résumé des Règles de Course à la Voile - op franséisch**

**Wettfahrtregeln - op däitsch**



# A wat ass eng Regatta ?


Regatta (am franséischen « régate ») ass ganz einfach de Fachausdrock fir eng Course mat Booter, an eisem Fall natierlech Segelbooter. Et geet also drëm, esou séier wéi méiglech e bestëmmtene Parcours ze fueren, woubäi natierlech d'Regelen mussen respektéiert ginn, ënner anerem d'Virfahrsregelen.

Mir fueren bei der [regatta.lu](http://regatta.lu) 2 verschidden Typen vu Parcoursen :

## - **Parcours Banane** :

Do geet et net drem, während dem Segelen Banannen z'iessen, mee e Parcours ze fueren, deem e bëssen esou gebéit ausgesäit ewéi eng Banann.


**D'Startlinn** ass tëscht dem **Katamaran** vum Comité de Course an der **Bouée de départ**, eng déck giel Tonn (ënnen um Schema). Et fiert een iwwert d'Startlinn géint de Wand op d'**Bouée au vent**, dat ass eng deck giel Tonn, déi een op Backbord muss leie loossen (uewen um Schema). Säitlech dovun läit dann d'**Bouée de dégagement**, dat ass eng méi kleng giel Bouée, déi ausgesäit wéi eng Fritt, an déi een och op Backbord muss leie loossen. Dono fiert een dann mam Wand am Réck zeréck iwwert d'Startlinn, déi gläichzäiteg och Zillinn ass. Et kënnen och 2 oder 3 Tier op deem Parcours gefuer ginn. Et kann ee wielen, ob een d'Kéier dann ronderem de Catamaran oder d'Bouée de départ mécht.









## - **Parcours Côtier :**



Do fiert een e Parcours ronderem verschidde geografesch Punkten, déi vum Comité de Course festgeluecht sinn. Dat sinn normalerweis Tonnen déi do am Waasser leien, z.B. Geforentonnen oder Usteierungstonnen. D'Skipperen kruten mat den Instructions de course 9 verschidde Parcoure gesot, vun deenen der am Laf vun der Woch e puer, awer net all gefuer ginn. Hei drënner den Iwwerbléck iwwert déi 9 Parcouren:

















## Annexe PARCOURS

De Klasement gëtt bei all Manche opgestallt, op Basis vun den Zäiten déi déi verschidde Booter brauchen fir dee Parcours (banane oder côtier) korrekt ze fueren, woubäi d'Zäiten mat engem Koeffizient (Handicap) multiplizéiert ginn, dee pro Bootstyp verschidden ass. Esou gëtt sechergestallt, dass och Booter, déi vun der Konstruktioun hir net grad esou schnell sinn, awer eng Chance hunn, eng gutt Plaz am Klasement ze maachen. Den Handicap vun ärem Boot fannt der am Tableau op Säit 21 (Booter am Equipagen)

Déi éischt Deeg fueren mir **Qualifikatiounen an 2 Gruppen (A an B)**.

Op Basis vum Klasement aus de Qualifikatiounen ginn dann fir déi zwee lescht Deeg zwee nei Gruppe gebild : am **Groupe Pro** sinn dann déi schnellste Booter beieneen, am **Groupe Bareboat** déi Equipagen, déi et méi gemittlech uginn.

Bei allem Competitiounsgeescht ass et wichteg, dass **Fairness** groussgeschriwwe gëtt. Et geet net ëm eng gëlle Kou, mee dodrëms, dass mer all eng flott Woch erliewen, Spaass um Segelen hunn, an eppes bäiléieren. Am Zweifelsfall léiwer en anere virloossen ewéi en Accident ze riskéieren !

**De Comité de Course wënscht allen Equipagen gudde Wand !!!**



## Geotracking

Mir hunn och dëst Joer nees e sougenannten Geotracking-System, wou all Boot per GPS localiséiert a suivéiert gëtt. Sou wees een ëmmer, wou wéi e Boot drun ass. Dee System gëtt dem Comité de Course och déi genee Zäit, déi all Boot gebraucht huet, sou dass op där Basis dann d'Klassementer opgestallt ginn. Ausserdem dréit dee System zur Sécherheet bäi, an et kann een domat och nodréiglech genee de Parcours gesinn, dee jidderee gefuer ass.



D'Positiounen vun de Booten kann een och iwwert Internet suivéieren, an zwar souwuel um Site [regatta.lu](http://regatta.lu) wéi och mat Hëllef vun enger spezieller App, déi jidderee sech kann op den Handy oder Tablet lueden.

### **Ganz wichteg :**

De Skipper kritt all Dag moies den Tracker, dee muss **um Mast** vum Boot befestegt ginn.

### **Genau sou wichteg :**

Owes gëtt de Skipper den Apparat dann erem of, fir dass en iwwer Nuecht ka gelueden ginn.

[regatta.lu](http://regatta.lu) en direct

Hei kënnt der d'App Georacing downloaden am **App Store** an op **Google Play**.

# Zero Waste

## Objektif : Esou mann wie méiglech Dreck an deser Woch ze produzéieren !

Zesummen matt der asbl [sila.lu](http://sila.lu) - Zero Waste Lëtzebuerg, wëlle mir och dëst Joer nees op der [regatta.lu](http://regatta.lu) versichen, onsen Offall op en absolute Minimum ze reduzéieren, a virun allem Plastik-Offäll ze vermeiden.

## Waat ass iwwerhaapt Zero Waste?

Zero Waste heescht näischt aneschtars wie Keen Offall. Daat heescht am Idealfall eng éidel schwaarz Poubell. Daat heescht awer och, esou mann wéi méiglech ze recycléieren, an Objeten esou oft wéi méiglech nach weider ze benotzen ier se irgendwann entsuergt a recycelt ginn.

Et heescht och, bewusst anzekafen a sech schons beim Akaf d'Fro ze stellen, op deem Objet ka kompostéiert oder recycléiert (hei matt enger kloerer Präferenz zu Holz, Glas, Metall iwwer Plastik) ginn.

Dat kann a soll jidderee schon doheem beim Apake maachen, an drop oppassen, sou wéineg wéi méiglech Verpackungen matzebringen déi ewechgehäit ginn. Also besser eng Gourde wéi Béchsen oder One-Way-Fläschchen, besser e Stéck Seef wéi Duschgel am Plastik, besser Kichelcher an engem Tupperware wéi dräifach mat Plastik verpaakt asw.

## BEACH-CLEAN UP

### Dëschdes am spéiden Nometteg

Wann d'Wieder an d'Covid-Bestëmmungen et erlaben, gi mir an der Géigend vun Port-Haliguen eng Plage botzen, fir domat en Zeechen ze setzen, dass mer fir eis fir e proppert Mier asetzen. Jiddereen sollt do matmaachen, an sech dobäi bewusst ginn, wéivill Knascht op Plazen ze fannen ass, wou en näischt ze sichen huet.





## Social Media



regatta.lu



regatta.lu

#regattalu2020